CSV

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV DIDDELENG /// JANUAR 2016

## /// BUDGET 2016 - DER CSV-DIDDELENG HIR VUE

Bei den Debatten zu dem Budgetsprojet vun der Gemeng Diddeleng fir 2016 huet d'CSV ganz vill Projeten den Accord ginn. Mir ënnerstëtzen d'Investissementer an eis Schoulen, an eis Maisons relais, d'Schafe vu Sozialwunnengen an Noutwunnengen, den néidegen Ëmbau vum "Jungs-Haus" fir eisem "Office social" en neit Doheem ze ginn. All Invest fir déi sozial Kohäsioun ze verbesseren, all Invest an den CIGL, de "Service emploi" fënnt eis Ënnerstëtzung. Ecologesch Projeten, sënnvoll PAP-Projeten, Stroossebau-Invester, Spillplazen, Jugendsummer, Skate-Parc..., d'CSV dréit all dës Projeten mat.

Mir sinn och stolz, dass Iddien vun eis, als stärksten Oppositiounspartei, och en Nidderschlag am Budget fannen:

- Mir hate fir eis Niddeschgaass scho virun Joeren d'Konzept vum "Shared-Space", enger Begéinungszon fir Auto-Velo-Foussgänger, als Alternativ zu enger Foussgängerzon gefuerdert. Dëst soll elo an Ugrëff geholl ginn.
- Mir hate proposéiert, dass eis Sozialwunnengen sollten alleguer vun eisem "Office social" geréiert ginn, als eng Zort "agence immobilière sociale". Dëse Projet gouf och zréckbehal, an en zousätzleche Posten fir d'Gérance z'assuréiere gouf geschaf.

Mee mir hunn awer och op verschidde Mëssstänn higewisen:

**1. Käschtenexplosioun beim TICE, an den Impakt op de Budget vun eiser Stad.**

Déi nei City-Bus-Streckeféierung bedeit, dass - ausser dass d'Leit nët zefridde sinn - mir fir 2016 elo 300.000 € méi mussen un den TICE bezuelen: den City-Bus: kascht elo 800.000 €. Derbei kënnt nach eng Hausse vun 300.000 € bei de Frais d'exploitation an Investissementsfraisen fir den TICE. Am Ganze bezuele mir domat 3,3 Mio un den TICE!

Der CSV hier Iwwerleeung war, emol auszerechnen, ob eventuell een Uschloss un den RGTR-Bus-System, deen an anere Gemenge fiert, nët méi bëlleg gëtt? Oder ob een nët kéint eng Offer vun engem aneren Ubidder ufroe fir den "City-Bus" zu Diddeleng, mat klenge Bussen, a virun allem mam Ubanne vun all Quartier? A mir ginn es net midd, nozefroen, ob een net kéint e RUFF-BUS zu Diddeleng aféieren.

**2. Personalpolitik zu Diddeleng, an den Impakt op de Budget vun eiser Stad.**

D'CSV-Diddeleng warnt permanent virun der Käschtenexplosioun duerch extrem vill Creatioune vun neien Posten. 2015 sinn d'Personalfraisen ëm 3,5 Mio an d'Lut gaang, fir 2016 ass eng Hausse vun nach emol 2,83 Mio virgesin. Iwwert 51% vun der Gemeng Diddeleng hiren Ausgabe si Personalfraisen (aner Gemengen gi just 32-35% vun hirem Budget fir Personalkäschten aus).

D'CSV-Diddeleng proposéiert keen Outsourcing, mee:

- E sérieuse Screening vun eise Gemengeservicer a mat eise Gemengeservicer, fir méi effizient an effikass kënnen ze schaffen,
- Synergien schafen duerch en Zesummeleeë vun z.b. eisen 2 "Service nettoyage": mir hunn ee "Service nettoyage -Sport" an ee "Service nettoyage batiments", déi bis elo net zesumme schaffen. Dofir krute mer gesot, mir misste 14 (!) nei "Agents-nettoyage-Posten" fir de Surplus un Aarbecht am neien Centre Hartmann matt der Piscine schafen.

## /// WECHSEL AN DER SPITZE DER CSF-SEKTION DÜDELINGEN



Nach 25 Jahren als Präsidentin der CSF-Dudelange hat Andrée Reuter-Consdorf vor kurzem ihr Mandat zur Verfügung gestellt. Annette Kemp-Klemann wird neue Vorsitzende.

Andrée (genannt "Kënn") Reuter-Consdorf hat die Geschicke der CSF-Dudelange mit Engagement und Charme während Jahrzehnten geprägt. Sie bleibt als Vorstandsmitglied sowohl der CSF- als auch der CSV-Sektion erhalten.

Wir danken Dir, Kënn, für Deinen unermüdlichen Einsatz und wünschen Dir, Annette, viel Glück und Erfüllung beim Ausüben Deines neuen Mandats.

## /// BUDGET 2016 - DER CSV-DIDDELENG HIR VUE (SUITE)

- E Moratoire fir 1-2 Joer fir d'Creatioun vun neien Posten auszeruffen (aner Gemenge maachen dat).

**D'CSV-Diddeleng huet nach all wichteg Poste matgestëmmt**, z.Bsp. am Beräich Maison relais, oder wann novollzéibar war, dass e Service huet misse verstäerkt ginn (z.Bsp. Office social). Mir hunn och Propose gemaach fir sënnvoll Posten ze schafen: (z.Bsp. Psychomotricien oder Sonderpädagogue fir an eise Schoulen dem Echec scolaire entgéintzewierken). Dës Propose goufen awer net zréckbehal.

Mir hunn den Här Buergermeeschter opgeruff, als Patron vum zweetgréisste Betrib vun Diddeleng, seng Aufgab serieux ze huelen, säi Betrib - zesumme mat dem Personal natierlech - besser ze strukturéieren an doduerch eng méi héich Effizienz ze erreechen, ouni an de Personalfraisen ze erstécken.

All Posten, deen d'Gemeng schaaft, ass eng schwéier Laascht fir eise Gemenge-Budget. Et muss méi konsequent opgepasst ginn, dass dës Laascht net zu enger Iwwerlaascht gëtt.

Mir wëllen all eng gutt Qualitéit vun eise Gemenge-Servicer ubidden.

Et ass awer net d'Quantitéit vum Personal, déi dat definéiert. Qualitéit, jo - awer net zu egal wéi engem Präis.

D'CSV -Diddeleng stëmmt ville Projete vun eisem LSAP-Schefferot zou, wann se sënnvoll si fir Diddeleng an eis Stad no vir bréngen.

Mir géifen och aner gutt Projete mat droen: Ausbau Zone "Koibestrachen", Creatioun vun z.Bsp. enger "zone mixte" fir Betrieber um Südzipfel vun de Frichen, Schafen vun enger Bëschcrèche, Ausschaffe vun engem kohärentenTourismuskonzept fir Diddeleng, Plange vun engem kloeren Zukunftskonzept fir eist Diddelenger Spidol.
Mir géife matschaffe beim Iwwerdenken vun eisen Invester an de Syndicater, beim Moratoire - oder zumindest däitlechem Zeréckschrauwen - vun der Neischafung vu Poste beim Gemengepersonal, fir eis Gemengefinanzen an den Équiliber ze bréngen.

Leider vermësse mer am Budget 2016 , deen eisen LSAP-Schefferot presentéiert huet, d'Visioune fir d'Zukunft fir Diddeleng.

**D'CSV -Diddeleng huet Visiounen** an ass weiderhi bereet, konstruktiv matzeschaffen, fir Diddeleng prett ze maache fir d'Zukunft.



*D'CSV-Fraktioun am Gemengerot: Jean-Paul Friedrich - Jean-Paul Gangler - Michèle Kayser-Wengler*

## /// STECKBRIEF



### CLAUDE MARTINI

36 Jahre, verheiratet, Vater einer Tochter.

Gehört seit über 10 Jahren zum festen Bestand der CSV-Sektion Düdelingen.

War 6 Jahre Krankenpfleger in einer Behinderteneinrichtung. Arbeitet seit 7 Jahren im Reha-Zentrum auf Kirchberg.

Sehr sportlich. Verbringt viel Freizeit mit seiner Familie.

Engagiert sich beim Roten Kreuz und ist im Vorstand der Düdelinger "Croix-Rouge-Sektion".

Mitglied im CSV-Südbezirkskomitee. Kompetenzen im Gesundheitsbereich sowie Engagement für soziale Belange.

Vertritt die CSV in der Familienkommission und der "Egalité des chances"-Kommission der Gemeinde.

Als engagiertes Komiteemitglied hilft Claude Martini die Politik der CSV-Düdelingen aktiv zu gestalten. Politik muss die Interessen der Bürger vertreten, so sein Motto. Claude Martini ist bereit mit der CSV-Dudelingen auch in Zukunft diesem Morto treu zu bleiben.

## /// FRAGEN AN JEAN-PAUL FRIEDRICH, CSV-GEMEINDERATSMITGLIED

**Wieso hat die CSV-Düdelingen die Tarifpolitik im "Centre Hartmann" abgelehnt?**

Die CSV hat darauf hingewiesen, dass sowohl im Schwimmbereich als auch im Sanitärbereich des Schwimmbads im neuen" Centre Hartmann" keine behindertengerechte Zugänge vorgesehen sind. Eine unzumutbare Fehlplanung bei einem Neubau mit einem Gesamtinvest von 26 Mio Euro.
Desweiteren sind die Öffnungszeiten des Schwimmbads für die Bevölkerung von Düdelingen absolut inakzeptabel. Wir haben das einzige Schwimmbad im ganzen Land, welches weder Dienstagsnachmittags, noch Donnerstagsnachmittags, noch Samstags- oder Sonntagsnachmittags für die Allgemeinheit geöffnet hat.

Nur am Mittwoch öffnet das Schwimmbad seine Türen von 16.00-22.00. An allen anderen Tagen schliesst das Schwimmbad um 14.00 !

Selbst in den Schulferien sind keine geänderten Öffnungszeiten geplant.

Die CSV-Düdelingen ist der Meinung, dass neben den Schulen und den Schwimmvereinen, auch die Düdelinger Bürger unser neues Hallenbad benutzen dürfen. Eine deutliche Erweiterung der Öffnungszeiten sowie eine Anpassung der behindertengerechten Zugänge ist dringend notwendig.

**Wieso hat die CSV-Düdelingen die Aufteilung der Gemeindesubsidien an die Vereine abgelehnt ?**

Die CSV ist der Meinung, dass ein transparenter und gerechter Verteilungsschlüssel der Gemenidesubsidien an die Vereine, welcher z.b.die Rate der jugendlichen Mitglieder berücksichtigt oder der Anzahl lizenzierter Trainer und Betreuer Rechnung trägt, unbedingt notwendig ist. Ein solcher Verteilungsschlüssel wurde vor 2 Jahren durch eine überparteilich besetzte Arbeitsgruppe ausgearbeitet. Sowohl letztes Jahr als auch dieses Jahr wurden die Vereinssubsidien vom LSAP-Schöffenrat jedoch nicht nach diesem Verteilerschlüssel zugesprochen, sondern willkürlich wurden Erhöhungen und Kürzungen durchgeführt. Auf unsere Nachfrage konnte der Schöffenrat jedoch keine zufriedenstellenden Erklärungen zu den Änderungen geben.



Die CSV, und alle anderen Oppositionsparteien im Düdelinger Gemeinderat, haben sowohl 2015 als auch 2016 die Aufteilung der Vereinssubsidien abgelehnt.

**Welche Vorschläge macht die CSV zur Parkraumnutzung in Düdelingen?**

In den gebührenpflichtigen Parkzonen muss die Parkdauer von derzeit 2 Stunden auf 3-4 Stunden erweitert werden. Dies ermöglicht den Bürgern ihre Einkäufe ohne Zeitdruck zu erledigen, und den in Düdelingen arbeitenden Leuten gegebenenfalls einen neuen Parkschein in der Mittagspause zu lösen. Die Langzeitparker kann man so trotzdem auf Distanz halten.

**Die CSV hat sich eingesetzt, dass die TICE-"City-Bus"-Haltestelle vor dem CIPA-Seniorenheim erhalten bleibt. Warum?**

Es ist bedauernswert, dass erst nachdem mehrere Reklamationen, bzw. eine Petition beim Schöffenrat vorgelegt wurden, die Bushaltestelle am Eingang vom Seniorenheim erneut angefahren wird. Angeblich nimmt - laut TICE- dieser Halt zuviel Zeit in Anspruch, da die älteren Leute zu lange brauchen, bis sie mit Rollator oder anderen Gehhilfen in den Bus eingestiegen sind. Diese Aussagen sind eine deutliche Diskriminierung der älteren Mitbürger und absolut inakzeptabel ! Die CSV ist ausserdem der Meinung, dass das Einführen eines " Ruf-Busses" den Bedürfnissen vieler älterer Bürger entgegen kommen würde.

## /// START-UP-WUNNENGEN ... WUNNRAUM SCHAFE FIR JONK LEIT ZU DIDDELENG

D'CSV-Diddeleng huet am Dezember 2015 eisem Schefferot proposéiert, dass d'Gemeng Diddeleng soll Wunnenge schafen, déi duerno zu moderate Präisser u jonk Leit verlount ginn déi grad hier Ausbildung fäerdeg hunn, ufänken ze schaffen an sech wëllen op eege Féiss stellen.

Fir 3 Joer kënnen esou "Start-Up-Wunnengen" gelount ginn. Duerno sinn déi Jonk sattelfest am Beruff an hunn een néidegt Startkapital fir um fräie Maart eng Wunneng ze fannen.

Virun allem déi jonk Diddelenger, déi hei verwuerzelt sinn, wëllen hei bleiwen.

Kommt mir hëllefen hinnen, eng abordabel Wunneng zu Diddeleng ze fannen!

D'CSV-Diddeleng huet heimat eng flott, konstruktiv Propos gemaach. Mir hoffen, dass se och Realitéit gëtt.

CSV

## /// LATE-NIGHT-BUS... À LA LSAP DIDDELENG...

D'CSV-Fraktioun war angenehm iwwerrascht, wéi si am Budget 2016 hir laangjähreg Fuederung, de "Late-Night-Bus" fir de Week-End, eremfonnt huet. Awer nach méi erstaunt, dass dee Bus just all 2. Freideg am Mount sollt fueren. Eng "Late-Night-Bus-LSAP-Light-Versioun"...?

Doropshin hu mer eng MOTIOUN an der Gemengerotssitzung vum 19.12.2015 eragereecht a gefrot, dass de "Late-Night-Bus" all Freideg- an all Samsdegowend 2 Mol no Mëtternuecht vu Lëtzebuerg op Diddeleng sollt fueren. Mir fannen, dass déi Nuetseilen, déi an d'Stad an de Kino, op Concerten, iessen a feiere ginn, sollten all Week-End sécher heembruecht ginn, an net nëmmen 2 Mol am Mount!

Déi 3 aner Oppositiounsparteien hunn eis Motioun ënnerstëtzt. Mee d'LSAP-Majoritéit huet se verworf! D'Diddelenger däerfen also, laut LSAP-Logik, nëmmen all 2. Freideg am Mount sécher aus der Stad heembruecht ginn... D'CSV-Diddeleng wäert hir Fuederung no engem "Late-Night-Bus", deen all Week-End fiert, awer weider oprecht erhalen!




*Mat mir... a menger Gemeng!*

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER**
CONSEILLÈRE ZU DIDDELENG

Engagéiert Iech an Ärer Gemeng!
Informéiert Iech iwwer Kommunalpolitik!

Méi Detailer iwwer eis Campagne an eis Formatiounen op csv.lu

CSG CHRËSCHTLECH-SOZIAL GEMENGERÉIT

**DÉI 3 DIDDELENGER CSV GEMENGERÉIT**



**MICHÈLE KAYSER-WENGLER**
**55 JOER, KANNERDOKTESCH**



**JEAN-PAUL FRIEDRICH**
**50 JOER, BANKBEAMTEN**



**JEAN-PAUL GANGLER,**
**55 JOER, ZÄNNDOKTER**

**GRAD ELO!** MEMBER GINN

Numm ____________ Virnumm ____________
Beruff ____________ Gebuertsdatum ____________ Nationalitéit ________
Adress ____________ PLZ ________ Uertschaft ____________
E-mail ____________ Tel ____________
Den ______ / ______ / 2016

Ze schécken un: B.P. 826 /// L-2018 Lëtzebuerg oder Mail csv@csv.lu /// Tel 22 57 31 1

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Diddeleng